N°2347
Entrée le 20.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.05.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler

Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 20. Mee 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°2173 stellt den Educatiounsminister fest:

> *"Bei der Analys, déi vun de Regionaldirektiounen duerchgefouerter gouf, gouf constatéiert, datt et vereenzelt Klassen an e puer Schoule gëtt, an deenen net déi integral am Plan d'études festgehalen Unzuel u Stonnen u Schoulsport offréiert gëtt an dëst aus organisatoresche Grënn, dorënner notamment feelend Disponibilitéiten an de Sportsinfrastrukturen".*

Wéi aus der Äntwert ervir geet, sollen ënnert dëse Schoulen och eng Rei Gebaier aus der Gemeng Diddeleng sinn – wat eisen Informatiounen no allerdéngs net méi der Realitéit um Terrain entsprécht. Anescht wéi zum Moment vun der Rentrée 2024/2025 am System „Scolaria" festgehaale ginn ass, kënnen d'Klassen zu Diddeleng aktuell nämlech vun enger neier Sportsinfrastruktur mat Turnhal a Schwemm profitéieren.

An deem Kontext wéilt ech follgend Froe stellen:

- Kann den Educatiounsminister confirméieren, dass seng Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 2173 sech op Situatioun zum Zäitpunkt vun der Schoulrentrée 2024/2025 bezunn huet an net op déi aktuell?
- Wéi ass déi aktuell Situatioun, wat d'Sportstonnen am Fondamental an der Stad Diddeleng ugeet?

Mat déiwem Respekt,

Dan Biancalana

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2347 vum honorabelen Deputéierte Dan Biancalana**

1. **Kann den Educatiounsminister confirméieren, dass seng Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 2173 sech op Situatioun zum Zäitpunkt vun der Schoulrentrée 2024/2025 bezunn huet an net op déi aktuell?**

   Wéi an der parlamentarescher Fro Nr. 2173 duergeluecht, baséieren d'Informatiounen op enger Analys, déi vun de Regionaldirektiounen a mengem Optrag am Ufank vum 3. Trimester vum aktuelle Schouljoer duerchgefouert gouf. D'Informatiounen aus der concernéierter parlamentarescher Fro baséieren deemno op den Donnéeën, déi dee Moment aktuell waren.

2. **Wéi ass déi aktuell Situatioun, wat d'Sportstonnen am Fondamental an der Stad Diddeleng ugeet?**

   Déi zoustänneg Regionaldirektioun huet confirméiert, datt an der Tëschenzäit, mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng an de Schoulpresidenten, déi drëtt Sportstonn, déi all Facettë vu Sport a kierperlecher Beweegung ofdeckt, an de Cyclen 2 an 3 vun allen Diddelenger Grondschoulen offréiert gëtt.

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH